ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Nationalkongress, den 11. Oktober 2020 zu Ettelbréck

ADR-Resolutioun
am Kontext vun der Thematik

# Klimaschutz

GRONDSÄTZLECH HALTUNG VUN DER ADR 3
MOOSSNAMEN UM NATIONALE PLANG 4
MOOSSNAMEN UM INTERNATIONALE PLANG 6
KRITIK UN DER REGIERUNG 7

## ADR Klimaschutzprogramm

D'ADR hëlt d'Suerge vun de Bierger, besonnesch vu ville Jonken, eescht a wëll mat allen zesummen dru schaffen, fir eise wonnerbare Planéit, zu deem et keng Alternativ gëtt, a senger Schéinheet an a sengem klimatesche Gläichgewiicht ze erhalen.

Fir d'ADR stellt déi Aufgab eng vun de groussen Erausfuerderunge vun eiser Zäit duer. D'ADR leet mat dësem Pobeier hir Prioritéiten an Aktiounsfelder an dëser Thematik fest.

### 1. Grondsätzlech Haltung vun der ADR

De Klimawandel ass zum Deel op natierlech Faktoren zeréckzeféieren an zum Deel mënschegemaacht. Dat, wat beim Klimawandel mënschegemaacht ass, soll de Mënsch sou wäit wéi méiglech korrigéieren.

Mir hunn duerfir eng Verantwortung, fir eisen Impakt op d'Weltklima an der Zukunft ze minimiséieren. Dozou gehéiert mëttelfristeg eng signifikant **Reduktioun vu klimaverännerende Gasen**, virun allem dem CO2.

Dat kënne mir mat Moossnamen erreechen, déi eis begrenzte Ressourcë schounen duerch Energiespueren, duerch energieeffizient Wirtschaften, duerch eng nohalteg Energieproduktioun an duerch de Schutz vun eiser Natur an Ëmwelt, well domat automatesch manner CO2 produzéiert an domat den Impakt op d'Klima minimiséiert gëtt.

**Lëtzebuerg** ass ze kleng, fir e signifikanten Afloss op déi international Klimapolitik ze hunn. Dat entléisst eist Land awer net aus der Verantwortung, **och säin Deel bäizedroen.**

D'Pëtrolsindustrie huet déi rasant wirtschaftlech Entwécklung vun de leschten 100 Joer iwwerhaapt méiglech gemaach. D'**Pëtrolsreserve sinn awer begrenzt** an d'Zukunft läit an der net-fossiller Energieproduktioun, ob mir wëllen oder net.

Laangfristeg ass d'Klimaneutralitéit an der Energiewirtschaft unzestriewen, d.h. datt net méi klimaverännerend Gasen an d'Atmosphär entlooss ginn, wéi duerch d'Assimilatioun ka gebonne ginn. Jee éischter dat erreecht gëtt, ëmsou besser. Wat méi erneierbar Energie, wat manner vun eise begrenzte Ressourcë verbraucht ginn.

Als räicht Land gesi mir eis an der Flicht, genuch budgetär a wëssenschaftlech Ressourcë bereetzestellen, fir dës Ziler ze erreechen. Mee déi Laascht däerf awer **net vun de sozial Schwaache gedroe ginn**.

Dës Ziler solle souwäit méiglech fräiwëlleg an am nationale Konsens erreecht ginn an **net duerch onnéideg Virschrëften a Schikanen**. Dat heescht, datt d'Transitioun an eng klimaneutral Gesellschaft souwäit méiglech soll duerch Ureizer an net duerch Verbueter erreecht ginn.

De Klimaschutz soll ënnert dem Stréch net manner, mee **méi Liewensqualitéit** bréngen.

De schnellen an onkontrolléierte Wuesstem féiert zu engem staarke Landverbrauch a schuet staark eiser Natur a Liewensqualitéit. Ee Grond méi, fir zu engem **qualitativen nohaltege Wuesstem** ze kommen.

Den ADR-Aktiounsprogramm fir de Schutz vum Klima ass e **verstännegen a realistesche Programm**, ouni ideologesch Scheiklappen an Angschtmaacherei. D'ADR ass eng Partei vu Pragmatiker, déi wëssen, datt déi einfach Léisungen, gedriwwe vun Ideologie a Panik, dacks net déi richteg sinn.

## 2. Moossnamen um nationale Plang

**Wuesstem:** Lëtzebuerg schuet senger Natur an Ëmwelt a ka seng Klimaziler net erreechen, wann et weider sou op en onkontrolléierten a séiere Wuesstem setzt. D'Usiidlung vu Firme wéi *Google* oder der Molkerei-Entreprise *Fage* dreift eise Ressourcëverbrauch onnéideg an d'Luucht a generéiert nach méi Verkéier. D'ADR ass fir eng intelligent Steierung vun eisem Wuesstem, deen eis eng wirtschaftlech Plus-value bréngt, ouni de Land- an Energieverbrauch staark an d'Luucht ze dreiwen.

**Energiespueren**: Jiddwer Energie an domat och Tonn CO2, déi agespuert gëtt, entlaascht net nëmmen de Portmonni an eis Wirtschaft, mee brauch och net duerch erneierbar Energie ersat ze ginn. Doweinst ass d'ADR derfir, fir besonnesch duerch nei Technologië mat besserer Energieeffizienz op alle Gebitter (Verkéier, Wunnen, Industrie an Handwierk, Landwirtschaft) prioritär Energie anzespueren. De Staat soll dës Strategie adequat mat finanziellen Ureizer promouvéieren.

Mam Ersetze vu Bëtong a Stol duerch **Holz am Bau** – do, wou et méiglech ass – ka ganz vill Energie agespuert ginn an d'Matière-Première „Holz" ass net nëmme méi gesond, mee ass per se en CO2-Späicher, sou laang et net als Brennstoff benotzt gëtt.

D'ADR ënnerstëtzt eng staatlech gefërdert klimafrëndlech an energiespuerend Baupolitik, schwätzt sech awer géint eng ze staark Norméierung am Bau a Gängelung vun de Leit aus.

D'ADR ass fir eng Reduzéierung vun onnéidegem Verkéier, z.B. am Online-Handel. Hei ass eng méi staark Koordinatioun noutwenneg, fir esou iwwerflësseg Faarten ze reduzéieren. Dëst ass zum Deel och eng Konsequenz vun der Liberaliséierung vum Post-Service.

D'ADR steet fir eng **Promotioun vum regionalen a lokale Commerce**. Dëst verhënnert onnéideg an energieintensiv Transportweeër.

**Alternativ Energien**: Obscho Lëtzebuerg geografesch net ideal situéiert ass, hu mir Potenzial, fir nach méi Stroum aus erneierbaren Energien ze produzéieren. Mir wäerten eis awer mëttelfristeg net op dës eleng verloosse kënnen. Et brauch een och konventionell Energieformen, well alternativ Energien intermittent sinn, d.h., datt alternativ Energien net esou verlässlech sinn, well si z.B. meteorologesche Schwankungen ausgesat sinn.

D'ADR ass fir e verstännegen **Ausbau vun der Wandenergie** op alle Standuerter, déi gëeegent sinn, a genuch Ofstand zu de Wunngebitter opweisen, esou datt d'Liewensqualitéit vun den Awunner net negativ beaflosst gëtt. De Staat ass gefuerdert, den Ausbau vun der Wandenergie an den entspriechenden Netzkapazitéite finanziell ze ënnerstëtzen. Dëst muss awer am Respekt vum Natur- an Déiereschutz geschéien.

Dat selwecht gëllt fir **kleng vertikal Wandturbinnen**, déi jidderee bei sech (z.B. op engem Daach) opriichte kann an déi kee Mënsch stéieren, nom Prinzip: „Vill kleng Baache maache Flëss“. Bei dëser Form vu Klengkraaftwierker gëtt de Stroum op der Plaz verbraucht an en Netzausbau ass seelen néideg.

Souwuel an der **Photovoltaik,** ewéi och an der **Solarthermie,** besteet nach e grousst Ausbaupotenzial, wat geférdert muss ginn. Jiddwer Kilowattstonn oder Kalorie, déi hei produzéiert gëtt, brauch net importéiert ze ginn.

Och kleng **Waasserkraaftwierker**, déi 24 Stonnen op 24 Stonne produzéieren, si virunzedreiwen. Dëst muss awer am Respekt vum Natur- an Déiereschutz geschéien. D’ADR ass géint eng Gewässerpolitik, déi drop erausleeft, fir déi bestoend Wierer ewechzerappen an dës kleng Kraaftwierker verschwannen ze dinn. Och hei gëllt de Prinzip: „Vill kleng Baache maache Flëss“.

D’Potenzial vum **Biogas** muss duerch besser Konditioune méi attraktiv gemaach a maximal ausgenotzt ginn. Dobäi muss awer gutt drop opgepasst ginn, datt nëmme biologesch Offäll verschafft ginn an e kontraproduktiven Ubau vun Energieplanzen zu dësem Zweck (z.B. Mais) ënnerbonne gëtt.

Aner **Biomass,** ewéi Holz, Heckeschnëtt, Miscantus (Elefantegras) muss optimal fir d‘Energieproduktioun agesat ginn. D’ADR ass dogéint, iwwer eis gesetzlech Obligatiounen eraus Holz an de Bëscher verrotten ze loossen, mee d‘Potenzial vun eise Bëscher souwäit ze notzen, wéi all Joer Holz nowiisst. De Bësch soll dobäi schounend bewirtschaftet ginn.

De **Bësch** an d’Beem am Allgemenge sinn déi ideal Klimaregulatoren. Si senken d’Temperatur am Summer, filteren d’Loft, verwandelen d’Sonnenenergie an Holz an zéie sou Kuelestoff aus der Loft, iwwerdeems si Sauerstoff ofginn. Der Erhalung vu gesonde Bëscher kënnt ënnert dem Aspekt vum Klimawandel eng grouss Prioritéit zou. No Méiglechkeet soll d’Fläch vun eise Bëscher erweidert ginn. Och d’Uplanze vun eenzele Beem (arbre solitaires) muss, wou nëmme méiglech, promouvéiert ginn.

D’Usidele vu **Gréngflächen an de Stied** (z.B. duerch Parken oder Begrünung vun den Diecher) ass ausdrécklech ze férderen.

D’ADR begréisst Initiativen, wéi de „**Repair-Café**“, déi drop hischaffen, fir Saachen an Apparater, déi defekt sinn, ze reparéieren, amplaz si direkt ewechzegeheien an eppes Neies ze kafen. Sou kann de Ressourcëverbrauch och erofgesat ginn.

Generell soll fir Reparaturen e **reduzéierten TVA-Saz** gefrot ginn.

D’ADR ass fir de Prinzip vun der **Kreeslafwirtschaft** a géint den Export vun Offall a Länner, wou kee Recyclage gemaach gëtt. Fir der Verknaschtung laanscht d‘Stroossen entgéintzewierken, ass d’ADR fir d’Aféiere vun engem Vidange op Fläschen an Dousen, deen héich genuch muss sinn, fir datt déi Moossnam gräift.

Um edukative Plang ass d'ADR fir eng systematesch **Sensibiliséierung vun deene Jonken** a Froe vun Energiespueren, Klima- an Naturschutz, dëst an enger participativer Approche, wéi z.B. en Natur- an Ëmweltdéngscht.

3. **Moossnamen um internationale Plang**

Fir datt d'Energieversuergung aus erneierbaren Energië funktionéiere kann, musse besonnesch déi grouss **Stroumtrassen ausgebaut a méi staark vernetzt ginn**. Och den Ausbau vu Späicherkapazitéite muss virugedriwwe ginn. Do muss Lëtzebuerg säi Bäitrag leeschten. E gutt Beispill ass eng Nord-Süd-Trasse fir den Transfert vu Wandenergie aus dem Norden a Sonnenenergie aus dem Süden, déi am Idealfall ënnerierdesch verlafe soll.

An deem Mooss, wéi mir et net fäerdegbréngen, eis Natur-, Ëmwelt- a Klimaziler op eisem Territoire ze erreechen, soll dat duerch **Participatioun u Projeten** an anere Länner geschéien (Beispill: Opforstung oder Offshore-Wandpark an der Nord- oder Ostsee).

Lëtzebuerg soll sech an der EU derfir asetzen, datt eng **international Task-Force** vu Läschfligeren opgebaut gëtt, déi séier an effikass agräife kann, wann iergendwou an Europa oder an der Welt grouss Bëschbränn entstinn.

Déi schlëmm **Ofholzung** vun de Bëscher op ville Plaze vun der Welt muss ophalen. Lëtzebuerg soll sech an der Europäescher Unioun dofir asetzen, datt eis Handelspolitik net dozou bäidréit, datt a Gebitter, wou Reebëscher sinn, eng Agrarpolitik bedriwwe gëtt, déi Brandstëftung notzt, fir Flächen ze gewannen.

D'EU muss och hir **Handelspolitik am Agrarberäich** revidéieren. Soulaang mir onmoosseg vill Agrarprodukter importéieren (Fleesch, Soja, asw.) gi weider Reebëscher ofgeholzt fir d'Agrarproduktioun auszedeenen. D'EU-Agrarpolitik muss drop erauslafen, datt mir am Respekt vum Kreeslafprinzip gréisstendeels dat hei produzéieren, wat mir hei konsuméieren an domat och op déi schiedlech Bëllegexporter verzichten, mat deenen d'Existenze vu Klengbaueren an der Drëtter Welt ruinéiert ginn.

Dat selwecht gëllt fir den Import vum **Kokosueleg** fir Energiezwecker (Biosprit), duerch deen d'Reebëscher deziméiert ginn.

Laangfristeg ass um internationale Plang eng grouss ugeluechte **Re-Forestatioun** noutwenneg, fir de mënschlechen Impakt op d'Klima ze redresséieren an dofir ze suergen, datt den CO2-Gehalt an der Atmosphär ka reduzéiert ginn.

Lëtzebuerg huet keen Afloss op **d'Nukleearenergiepolitik** vun deenen anere Länner. D'ADR ass awer déif besuergt iwwer vill Atomkraaftwierker, besonnesch an eiser Noperschaft, déi um Enn vun hirer regulärer Lafzäit ukomm sinn an ofgeschalt ginn. D'Nukleearenergie ka beschtefalls mat Hëllef vu modernen Atomkraaftwierker eng gewësse Roll beim Iwwergang an eng klimaneutral

Energieproduktioun spillen. Dofir soll Lëtzebuerg EU-Moossnamen a Fuerschung fir besser Reaktorsécherheet net blockéieren, wann aner Länner weider un den Atomkraaftwierker festhalen. Fir d'ADR ass d'Nuklearenergie awer keng Energieform vun der Zukunft, et sief dann et géif geléngen, d'Kärfusioun fir de Mënsch notzbar ze maachen. D'**Kärfusioun** kéint mëttelfristeg eng sécher a propper Alternativtechnologie ginn. Duerfir ass d'ADR averstan, datt op dësem Gebitt weider gefuerscht gëtt, wéi dat z.B. beim europäesche Projet ITER a Frankräich gemaach gëtt.

D'ADR géif keng Initiativ subventionéieren, bei där net kontrolléiert gëtt, datt de Fournisseur gewëssen Natur-, Ëmwelt- a Sozialstandarden (wéi z.B. keng Mënscherechtsverletzungen, keng Kanneraarbecht etc.) anhält.

**Kritik un der Regierung**

D'ADR wëll all dës Propositiounen **am Dialog mat de Leit** an net géint d'Leit ëmsetzen.

D'ADR ass **géint Verbueter, Steiererhéijungen an nei Steieren**.

D'ADR ass **géint all onsozial Moossnamen**, ewéi z.B. d'Erhéije vun den Akzisen, déi dem Klima näischt bréngen. D'ADR ass och géint nei Steieren op d'Fléien, dës treffe virun allem déi méi Aarm.

Den héije Ressourcëverbrauch duerch de staarke Wuesstem soll net kompenséiert gi mat engem **onkontrolléierten Opriichte vu Wandmillen** op Plazen, wou si sech net an d'Landschaftsbild integréieren.

D'ADR kritiséiert déi **blann Ënnerstëtzung vun der Regierung fir d'Elektromobilitéit**. D'Produzéiere vun den Akkuen ass mat massive **Mënscherechtsverletzunge** verbonnen (z.B. Kanneraarbecht an Afrika). Zousätzlech ass fir d'Produzéiere vun den Akkuen en **enormen Energie-, Ressourcen- a Rohstoffverbrauch** noutwenneg. Den Ofbau vu seelenen Äerde bedéngt en enorme Landverbrauch, ganz **Landstrécher ginn ausdréchne gelooss** a verwandelen sech an eng Wüüst. Eis Regierung klammert dës Problematik aus.

Ëmwelt- a Klimaschutz däerf net dozou **mëssbraucht ginn, de Bierger ëmmer méi ze kontrolléieren** (z.B. duerch déi intelligent Compteuren). D'**Fräiheet a Privatsphär vum Bierger** muss onuntaaschtbar bleiwen.

D'ADR kritiséiert d'Akafe vu **Klimaquote** fir d'Statistik opzebesseren. Dem Klima ass domat nämlech net gedéngt.

D'ADR kritiséiert d'Regierungsmoossname fir den **Tanktourismus** ze stoppen. Dëst schuet eiser Wirtschaft an et bréngt dem Klima och näischt, wann an Zukunft op der anerer Säit vun der Grenz getankt gëtt.

Den **Individualverkéier** soll seng Berechtegung behalen.

D'ADR schwätzt sech **géint Fuerverbueter** a **géint den ideologesche Bashing vun enger gewësser Zort Motor** aus, wuelwëssend, datt ënnerschiddlech Motortypen ënnerschiddlech Ufuerderunge bedéngen.